LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°547 du 28 mars 2024 de Monsieur le député Paul Galles au sujet des recommandations de l'Observatoire national de la politique climatique**

D'Regierung hëlt d'Recommandatioune vum Observatoire fir Klimapolitik eescht a wäert dës Recommandatiounen an hir politesch Decisiounen afléisse loossen.

Wat staatlech Energie-Subventiounen ubelaangt, déi am Kader vun den Tripartite-Accorden zanter 2022 agefouert an deels verlängert goufen, ass ze bemierken, datt dës Mesuren als zäitlech limitéiert Äntwert op eng geopolitesch ugedriwwen Inflatiounskris ze gesi sinn. Donieft ass ze präziséieren, datt net all déi besote Subventiounen de Konsum vu fossillen Energien ënnerstëtzen. En attraktive Stroumpräis zum Beispill ass och an Zukunft noutwenneg, fir d'Transitioun op klimafrëndlech Technologien an de Beräicher vum Wunnen a vun der Mobilitéit ze férderen.

Den *indice des prix à la consommation national* (IPCN) ass déi offiziell Mesure vun der Inflatioun ze Lëtzebuerg. An deem Indice ginn et iwwer 300 verschidde Kategorie vu Gidder an Zerwisser, deenen hier Gewiichtung op den Ausgabe vum de Stéit berout. D'Gewiichtung gëtt all Joer aktualiséiert fir Ännerungen am Konsumverhale vun de Stéit ze berücksichtegen. De Wuerekuerf soll e méiglechst realistescht Bild vum Konsumbehuelen zu Lëtzebuerg erëmspigelen.

Den Indexsystem baséiert um IPCN. De Regierungsprogramm gesäit vir, datt den Indexsystem a senger haiteger Form bäibehale gëtt. Dofir kënne gréisser Upassungen um aktuellen Indexsystem just am Sozialdialog virgeholl ginn.

Luxembourg, le 29/04/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles